

CSV
JONGLËNSTER

OP DE PUNKT.

Juli 2026

LÉIF MATBIERGERINNEN,
LÉIF MATBIERGER,

ENGLISH VERSION
VERSION FRANÇAISE
VERSÃO PORTUGUESA

Eis Gemeng lieft dovun, datt mir zesummen no vir kucken an aktiv un eiser Zukunft bauen. Déi lescht 3 Joer hu mir weider wichteg Schrëtt gemaach, fir eis Gemeng modern, liewenswäert a nohalteg ze gestalten. Dëse Wee wëlle mir mat Iech weidergoen.

Egal ob et ëm Mobilitéit, Schoul, Veräinsliewen oder den Ëmweltschutz geet, zesumme mat menge Parteikollege baue mir op oppe Kommunikatioun an Zesummenaarbecht. Är Ureegungen an är Kritike si wichteg, well si hëllefen eis, déi richteg Prioritéiten ze setzen.

Ech wëll och weiderhi mat vill Engagement dozou bäidroen, datt eis Gemeng eng Plaz bleift, wou ee sech doheem fillt a soen Iech villmools Merci fir Är Ënnerstëtzung an déi vill konstruktiv Gespréicher.

An dësem OpDePunkt weise mir Iech wat schonn alles ëmgesat ginn ass a wéi eng weider Projete fir d'Zukunft geplangt sinn.



TOM WEBER
1. Schäffe vun der Gemeng Jonglënster



EIS VERTRIEDER AM SCHÄFFEN- A GEMENGEROT

EISEN ZWËSCHEBILAN

SCHOUL A FAMILL

De Schoulcampus **zu Jonglënster** gëtt un déi stänneg wuessend Schülerzuelen ugepasst:
- 8 zousätzlech Klassesäll am “Jean-Pierre Welter” Gebai mat engem neie Stack.
- Eng weider Erweiderung ëm 6 Säll ass vun 2027 u geplangt.
- Ëmbau vum”Josy Olinger”-Gebai fir zousätzleche Raum fir déi non-formal Bildung.

E besonnesche Meilestee fir d’Kannerbetreiung an eiser Gemeng ass dat neit Gebai vun der **Maison relais „an der Loupescht“(2)**, dat de 15. Mee offiziell ageweit ginn ass.

Vun 2027 u kënnen déi éischt Kanner an der **Natur-crèche** betreit ginn an hir éischt wäertvoll Erfarunge mat an an der Natur sammele kënnen. Domat setze mir e weidert staarkt Zeeche fir eng zukunftsorientéiert, villfälteg a qualitativ héichwäerteg Bildungs- a Betreiungslandschaft.

Ausserdeem wäert de Schoulcampus zu **Buerglënster** moderniséiert an ausgebaut ginn. Zu **Gonnereng** goufen Terraine kaaft fir zukünfteg Erweiderungen, an esou eng laangfristeg Planungssécherheet ze garantéieren.

Am Hierscht wäert d’**Museksschoul „op Fréinen“** hir Dieren opmaachen. Si wäert musikbegeeschterte Kanner an Erwuessener aus eiser Gemeng an der ganzer Regioun eng modern an inspiréierend Plaz bidde fir hir Talenter z’entdecken a weider ze entwéckelen.

Dës Projeten, déi zu engem gudden Deel nach ënnert eisem Buergermeeschter **Romain Reitz**, an de Schoulschäffe **Françoise Hetto-Gaasch a Raphaël Schmitz** op d’Schinne gesat goufen, ënnersträichen eise kloren Engagement fir héichwäerteg Betreiung an Ënnerstëtzung fir eis Kanner.









KANNER, JUGEND A VERÄINER

Fir eis Gemeng nach méi liewenswäert, modern a biergerno ze gestalten ass et besonnesch wichteg eis Kanner a Jugendlech aktiv an d'Gemengeliewen anzebannen. Mat der rezenter Aféierung vum **Kannergemengerot** gouf e wichtege Schrëtt gemaach, fir jonke Mënsche fréizäiteg Matsprooch a Responsabilitéit ze erméiglechen.

Mir setzen eis a fir eng grouss Offer fir e sécheren Heemwee: mam **NightRider**, dem **LateNight Bus** vun der Gemeng an dem **Night Life Bus** sti verschidde flexibel Méiglechkeeten zur Verfügung.

Jonk Mënschen, déi e **Schoulofschloss** packen, sollen dofir och déi entspriechend Unerkennung kréien. Dofir wäert an Zukunft **all** Ofschloss, onofhängeg vu senger Form, finanziell honoréiert ginn.

Mam **Pumptrack** beim Lënster Lycée, dem neie **Calisthenics-Park** an dem **Bouldercube** goufen zousätzlech modern Fräizäit- a Sportoffere geschaf, déi besonnesch bei jonke Mënschen op grousst Interessi stoussen. Gläichzäiteg förderen mir kulturell Erfahrungen duerch e Subside vun 300.- Euro fir en **Interrail-Ticket** fir Jonker tëschent 18 a 25 Joer.

De **Benevolat** bleift eng droend Sail vun eisem gesellschaftlechen Zesummenhalt. Dofir ënnerstëtze mir eis Veräiner weiderhin, souwuel finanziell wéi och logistesch. Déi nei **Biergeréierung** ass e weidere Schrëtt. Gläichzäiteg wëlle mir dëst Konzept evaluéieren an upassen, fir datt d'Engagement méi siichtbar gëtt. Och **d'Sportleréierung** gouf duerch d'Sport- a Jugendkommissioun moderniséiert.

ALTER, SOZIALES A GESONDHEET

Beim Ausbau vum CIPA zu Jonglënster hu mir eis dofir agesat, dass **20 weider Better** op elo 60 Better fir eis Awunner reservéiert sinn. Ausserdeem ass de Club Activ Plus 2025 a seng nei Lokalitéit an der JongMëtt geplënnert, an ass elo fir jidderee gutt ze erreechen.

Mir hunn dofir gesuergt, dass d'Gesondheet an d'**Accessibilitéit** an zwou berodende Kommissiounen eng fest Plaz hunn. D'Accessibilitéit vun eise Gebaier ass een zentraalt Uleies vun eis.

Ausserdeem ginn elo d'Installatiounskäschte fir den **Téléalarm** vun der Gemeng iwwerholl, well et eis wichteg ass dass eis eeler Leit méi laang bei sech doheem kënne wunne bleiwen.

D' Leit mat klengem Akommes, déi vun der **'Allocation de vie chère / Prime énergie'** profitéieren, wäerten eng zousätzlech Hëllef vun der Gemeng an Héicht vu 50 % kréien.







INTEGRATIOUN, ZESUMMELIEWEN, KULTUR A BIERGERBEDEELEGUNG

D'Veräiner sinn ee wichtege Faktor fir ee gutt Zesummeliewen. No de Veräinslokaler zu Allënster an Eeschler ginn d'Planunge fir ee Veräinslokal zu Amber dëst Joer ofgeschloss. Déi al Schoul zu Beidler ass rezent als weidert Veräinslokal derbäi komm. D'Aarbechte fir aus der Kapell zu Eesebuer ee **Veräinslokal** ze maachen, gi mam INPA weidergefouert. Zu Roudemer wäert och an deenen nächste Joren ee Lokal entstoen.

Spillplazen (6) hunn eng zentral Roll fir d'Integratioun. Nei flott Spillplaze sinn esou zu Guedber, Beidweiler a ganz rezent an der JongMëtt zu Lënster entstanen. Gläichzäiteg leeë mir grousse Wäert drop, all bestoend Spillplaze reegelméisseg ze kontrolléieren, ze renovéieren an, wann néideg, geziilt auszebauen.

Mat **Biergeratelieren** setze mir de Pakt vum Zesummeliewen ëm. Iddien hei eraus gi mat konkrete Mesuren ëmgesat: een éischte Schrëtt sinn hei d'Quartiersfester. Fir déi kommend Jore bleiwe vill Projeten op eiser Agenda. Sou setze mir eis weiderhi fir d'Iwwerdaachung vun der Petanque-Pist an der Loupescht an, wéi fir d'Installatioun vun Drénkwaasserbueren op Spillplazen an ëffentleche Flächen.

De **Kulturentwécklungsplang 2026-2035** schaaft e strategesche Kader an eng kloer Visioun fir eng lieweg a modern Kultur um ganze Gebitt vun der Gemeng Jonglënster. Eng Kultur, déi Mënsche verbënnt an dat interkulturellt Zesummeliewe fërdert, mat enger Valorisatioun vum lokale Patrimoine an der Identitéit vun eisen Dierfer.

Zesumme mam INPA schaffe mir dorunner de Park vum Borrigsschlass deelweis fir de Public opzemaachen. De Park Flammant hannert der Gemeng gëtt a Kooperatioun mam INPA amenagéiert an esou zu enger weiderer flotter Gréngfläch fir eis Awunner. Och beim **Park** zu Eesebuer wëlle mir endlech virukommen.



ËMWELT, RESSOURCEN AN ENERGIE

Eisen Engagement am **Klima- an Naturpakt** dréit Friichten. Eis Ambitioun ass ganz kloer d'Klimaneutralitéit fir eis Gemengeservicer bis 2030 ze erreechen. Doriwwer eraus wëlle mir och all d'Bierger an d'Betriber esou gutt wéi méiglech mat op dëse Wee huelen.

Ëmgesat hu mir schonn :

- Héichwaasserschutzmossnamen
- Kontinuéierlech Adaptatioune vun eise **finanzielle Subsiden** am Natur- a Klimaschutz
- **PV Anlagen** op all den neie Gemengegebaier an op de besteeënden, do wou et méiglech ass.
- Notzung vun **nohaltege Baumaterialie** bei eise Projete mat Abezéiung vu Konzepter fir eng efficace Kreeslafwirtschaft.
- **Reparaturbonus** fir Haushaltsapparater – 'Repair Café' 6 Mol am Joer.
- Daachbegrünungen a méi **Gréngflächen** am ëffentleche Raum fir d'Biodiversitéit ze förderen.
- Éischten **‚Tiny Forest'** Projet zu Gonnereng ass ëmgesat ginn.
- Container fir **Gréngschnëtt**, déi jidderzäit accessibel sinn.
- Aktive **Quelleschutz**, duerch Opkafe vu Parzellen iwwerall an eiser Gemeng.

Doriwwer eraus ass virgesinn:

- Méi Natur an eisen Dierfer: weider kommunal Fläche sollen entsigelt gi fir méi Biodiversitéit, eng besser Reewaasser-Opnam a besserem Schutz bei grousser Hëtzt.
- Moossname fir d'Notzung vu **Reewaasser** ze erliichtere fir esou Drénkwaasser ze spueren.
- De **'Recycling Center'** gëtt ausgebaut mat engem Fokus op **ReUse, Repair, Share.**
- De Projet vun engem **'Wandpark'** an eiser Gemeng konstruktiv matbegleeden.
- **Patenschafte** bei klenge kommunale Gréngflächen.
- Bei neie Lotissementer gemeinsam **Energiezentrale** promouvéiere fir domat eng méi efficace Notzung vun dëser Infrastruktur ze erméiglechen.









WUNNEN

Déi 4 Haiser zu Guedber an 12 Wunnengen an der Jong-Mëtt sinn iwwer bail emphythéotique verkaaft ginn. Esou hu mir **erschwéngleche Wunnraum** an der Gemeng geschaaft. Mat der aler Portierswunneng am Centre polyvalent Gaston Stein hu mir en zousätzleche Logement d'urgence geschaaft fir Famillen an Noutfäll ze hëllefen (8,9).

MOBILITÉIT A SÉCHERHEET

D'Mobilitéit an eiser Gemeng ass ee wichtege Punkt fir eis. Nodeems am Summer de Chantier vun der Rue de la Gare fäerdeg gestallt gëtt, fänkt 2027 de **Chantier vun der Haaptstrooss** zu Jonglënster un. Hei wäert d'Mobilité douce eng zentral Plaz anhuele mat enger 30er Zone am Zentrum a gesécherte Vëlosweeër. Am Kader vum PAP "Laangwiss 3"wäert den neien Zougank op d'Roudemerstrooss gemaach ginn. Esou kann déi ganz Mobilitéit am Duerfzentrum geännert a verbessert ginn. De Bau vum **Vëloswee** tëscht Gonnereng a Jonglënster soll Enn 2027 ufänken an esou d'Akafszon "Laangwiss" mat ugebonne ginn.

D'Verbindung vun de **Vëlosweeër** PC2 a PC 4 tëschent Ouljen a Jonglënster gëtt iwwer Weimerech gemaach.

VERWALTUNG

Nom Brand 2024 kënnen dëst Joer endlech d'Aarbechte fir den Neiopbau vun der Gemeng ufänken an dës sollen Enn 2028 ofgeschloss sinn.

Duerch den Ëmbau vun der **Scheier am Borrigspark** (10) wäert hei en neie Raum fir de Gemengerot geschaaft ginn. Donieft entsteet hei och ee flotten neie Versammlungsraum, wou och Hochzäite gehale kënne ginn.

HANDEL, WIRTSCHAFT A FINANZEN

Mir hunn ee weideren Terrain fir een Handwierksbetrib aus der Gemeng iwwer ee Bail emphythéotique zur Verfügung gestallt. Deen nei gegrënnte Geschäftsverband Nova Lënster gëtt finanziell ënnerstëtzt. Zesumme mat den neie Geschäfter, déi hei am Kader vum PAP "Laangwiss 3" komme wäerten, entsteet esou eng nach méi attraktiv Geschäftswelt zu Jonglënster.

D'Finanzsituatioun vun eiser Gemeng behale mir stänneg am Bléck. Ee ganz wichtege Krittär hei sinn déi normal lafend Käschte bei den Depensen a Relatioun mat eise Recetten, haaptsächlech duerch d'Dotatioun vum Staat. **Hei hu mir all Joer een zolitten Iwwerschoss, deen et eis erméiglecht déi grouss Infrastruktur-Projeten ëmzesetzen.**

An deenen nächste puer Joer steiere mir op 10.000 Awunner hin. Dat bréngt mat sech dat mir och weider wichteg Investissementer maache mussen. Mir wäerte ganz kloer oppassen, datt eis Gemeng hir finanziell gutt Situatioun behält, fir weiderhinn eng gutt Liewensqualitéit fir eis all ze erméiglechen.



ËNNERWEE FIR IECH

Mat engem ambitiéise Programm si mir virun dräi Joer ugetrueden, an haut kënne mir soen, datt schonn eng ganz Rei wichteg Projeten ëmgesat goufen. Gläichzäiteg bleift nach vill Aarbecht virun eis, well mir eis Gemeng och an Zukunft aktiv a nohalteg weiderentwéckele wëllen.

Nieft de politeschen Diskussiounen ass et eis als Partei wichteg, och nei Iddien a konkret Projeten direkt um Terrain kennen ze léieren. Sou hu mir eis zum Beispill bei enger gemeinsamer Visite vun engem innovative Wunnprojet zu Schwebech, an der Gemeng Sëll, informeiert a spannend Ablécker an en neit nohaltegt Wunnkonzept kritt. Dat weist och: eis Basis steet hannert dësem Wee – mir schwätzen net nëmmen iwwer d'Zukunft, mir kucken eis konkret Léisungen un an huelen nei Impulser mat zeréck an d'Gemeng.



MIREILLE HINKEL-TADASZAK

Presidentin



EISE COMITÉ



ZESUMME FIR EIS GEMENG

☐ Ech wëll Member ginn / Je veux devenir membre

Numm _____ Virnumm _____

Beruff _____

Gebuertsdatum _____ Nationalitéit _____

Adress _____

PLZ _____ Uertschaft _____

E-mail _____ Tel _____

Den _____ / _____ / 2026

Äntwert un / Répondre : CSV-Generalsekretariat: B.P. 826 — L-2018 Luxembourg

ENGAGÉIER DECH!
MAACH MAT!